Den Arthur an déi kleng Fliedermaus

Eng Geschicht iwwer d'Recht op Inklusioun



Den Arthur an déi kleng Fliedermaus

Eng Geschicht iwwer d'Recht op Inklusioun

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



Kennt dir den Arthur schonn?

Nee? Ma da musst der hien onbedéngt kenne léieren! Den Arthur ass eng Eil. Awer stopp! Mat enger gewéinlecher Bëscheil huet hie wéineg gemeinsam.

Den Arthur ass nämlech dee coolsten a cleverste Kärel, deen der iech virstelle kënnt.

Ronderëm d'Auer gutt drop a voller Energie, strutzt hie vu kreativen Iddien a begeeschtert mat sengem fantastesche Sang- an Danztalent. Mat him gëtt et wierklech ni langweileg. Am Géigendeel: Wie mam Arthur ënnerwee ass, erlieft garantéiert spannend Geschichten.

Mat vill Häerz a Matgefill, ëmmer mat vill Courage, setzt den Arthur sech fir Gerechtegkeet a Gläichberechtegung an. Esou och an dëser Geschicht, déi op engem waarme Summerowend ufänkt.

D'Sonn verschwënnt lues a lues hannert de Beem, déi midd Blumme maachen hir Bléien zou, an e frësche Wand pëspert geheimnisvoll an de Blieder. D'Villercher päifen zefridden e puer Oweslidder, éiert se no engem laangen Dag an hir Näschter fléien.


Mee … waart … Moment … héiert dir dat och? Do ertéint nach eng ganz aner Stëmm, méi däischter a roueg, awer gläichzäiteg voller Energie. Dräimol däerft der roden, ween dat ass …

Natierlech, et ass eisen Arthur, dee vu Freed a gudder Laun am léifste ronderëm d'Auer danzen a sange géif.



„Juppi! Eng wonnerschéin, stärekloer Fonkelnuecht!“

Vu Begeeschterung dréint hien esou eng féx Pirouette, datt e puer vu senge Plommen op de Buedem seegelen. „Yayyy! An et ass och nach Vollmound!“ Hie wénkt dem décke Mound mat senge Flilleken.



Wow! Den Arthur huet wierklech Power an der Stëmm.

„Huhuuu … Zäit fir opzestoen, Kolleegen!“ Mat Schwong spréngt den Arthur vum Bam. „Datt déi Lidderhanessen einfach ni aus de Fiedere kommen!!“

Trotz dem Arthur sengem Rambazamba ass kee Mucks ze héieren. Net aus dem Kaweechelche Jacqueline sengem Bam, net aus der Maus Ginette hirem Lach a scho guer net aus dem Igel Misch sengem Bliederkoup. Keen Toun vum Wuerm Nello, der Wäeschbierin Pippa an der Harespel Gigi. Souguer déi éiweg hongereg Wëllschwäin gi kee Grunz vu sech. „Faul Schlofmutzen …“, mault den Arthur, elo e bësse manner gutt gelaunt. „Pff … mat weem ginn ech da lo duerch déck an dënn … D'Nuecht ass ze kuerz fir ze verschlofen …“

Mat engem Grommele kräizt hie seng Flilleken. „Aleng ass et mer langweileg.“

Dat kennt dir sécher och. Ma, wësst der, ëmmer dann, wann een et am mannsten erwaart, passéiert eppes. Genee esou ergeet et dem Arthur.

Mëtten aus engem héijen Dännebam daucht en op:

E risegen däischteren, ultraséiere Schiet, dee wéi eng Flitzrakéit op den Arthur zouraast.



Si ditzt him mat esou grousser Vitess entgéint, datt den Arthur keng Zäit huet, fir e klore Gedanken ze faassen, mee sech vu Schreck mat engem grelle Kreesch ewéi eng Gromper op de Buedem fale léisst.

Mat grouss opgerappten Ae kuckt hien no uewen, riicht an eng däischter Schnuff, aus där zwee knallgiel, ronn Telleraen a kleng spatz Zänn hien ublëtzen.

**„Aaaaaaaaaaaaaarg …
ech …. ech gi vun engem
Megagrujelmonsterdéngen attackéiert!“**

Deen aarmen Arthur deet esou haart Knäll, datt dee ganze Bësch wackelt.

„Hëlleeeeffff … Hëllef …!“

Vum Kaméidi aus dem Schlof gerappt, schéissen dem Arthur seng Frënn een nom aneren aus alle Lächer an Ecken.

„Arthur, wat ass geschitt?“, bléist den Igel Misch ausser Otem. „Hues du der wéigedoen? Brauchs de en Dokter?“, quiitscht d’Maus Ginette, d’Schlofmutz nach hallef am Gesiicht.

Den Arthur jäizt ongebremst weider.

„Lo so dach!“, kommandéiert den Nello, dee wéinst sengem ongewinnten Tempo ganz verwuerelt ass. Et dauert ë bëssen, bis eis Eil sech een Ament berouegt, fir da mat zidderegr Stëmm ze schwätzen.

„Dat … dat Ongeheier wëll mech friessen!“

Den Arthur weist panesch no uewen, wou de Schiet nach ëmmer mat voller Vitess ronderëmhuscht. Zackeg no uewen, no ënnen, no riets, no lénks an dertëscht e puer Loopings.

„En huet schonn e puermol Ulaf geholl!“, pëspert den Arthur. Vun Angscht hält e sech d'Flilleke virun d'Aen.

„Fäert net, Arthur, mir si bei der!“, probéieren dem Arthur seng Frënn hien ze berouegen. Allerdéngs ass och hinnen dee wëlle Schiet net ganz geheier.

„Ëmm … wat ass dat?“, hemst d'Pippa.

„Uiii … dat gesäit aus wéi eng riseg Matt …“, quaken d'Kiki an de Carlos am Dusel.

„A sou schrecklech däischter“, flüstert d'Kaweechelche Jacqueline.


Couragéiert zitt den Igel Misch seng Spektiv eraus a probéiert mat vill Méi, dee frieme Gaascht anzefänken.

„Hmm … e Villchen ass et net … Ze séier, ze hektesch“, seet en nodenklech.

„Ulala, ech hoffen, deen huet net grad Loscht op e Wuermsnack …“ Den Nello ass op eemol wäiss wéi e Gespenst.

„Waart, ech kucken a mengem Déierelexikon …!“,

mengt d'Pippa, flitzt a säi Bau, fir dann e puer Sekonne méi spéit en déckt Buch erbäizeschleefen. All zesumme bliedere se elo Säit fir Säit duerch, liesen, analyséieren, kucken an den Himmel, fir dann nees weiderzesichen.


„Ass et e
Fluchsaurier?“,
quiikt den Arthur.



„Deen huet op alle Fall e ganz ongewéinleche Fluchstil …“, stellen d’Wëllschwäin fest. „Vläicht ass e ferngesteiert?“

„E Roboter, mengt dir?“, ziddert den Arthur. „A wéi schalt een deen aus … Uiuiiiuiii!“

„Nix da Roboter!“, quiitscht d’Ginette am nächsten Ablack. „Hei steet et schwaarz op wäiss … Datt grad ech als Maus net direkt drop komm sinn. Peinlech!“

Hatt rëselt genéiert de Kapp. „Och wa se net 100 Prozent der Beschreiwung entsprécht … et gëtt keen Zweifel:

Et ass kee Monster a kee Fluchsaurier.
Mee eng FLIEDERMAUS!“

Een Ament gëtt et ganz roueg am Bësch. An tatsächlech, wat sech d’Déiere méi konzentréieren, wat se dem Déier seng Konture besser erkennen. Jiddereen ass sech eens: D’Ginette huet Recht.

„Wow … eng Fliedermaus??? Am Eescht? DOWÉINST ass mäi Schéinheetsschlof ruinéiert!?“, protestéiert d’Harespel Gigi. „Meng Krausele kann ech vergiessen!“

Vun Opreegung muss d’Lisi, dem Arthur seng bescht Frëndin, esou ferm néitsen, datt hatt Kopplabunze schléit „Hatschi …! Déi ganz Panik wéinst enger … hatschi … Maus mat Flilleken!?“

„Flieder … Fliedermaus???“, kréint den Arthur verschotert.

„Hatschi! Jo! Kee Monster wäit a breet … anscheinend … hatschi!“

Kann dat wierklech sinn? Dem Arthur säin Häerz galoppéiert op alle Fall nach ëmmer ewéi e wëllt Päerd. Hie blënzelt opgereegt, pëtzt d’Aen ëmmer nees zesummen, bis hie sech endlech traut ze kucken.

Tatsächlech: gezackte Flilleken, ronn giel Guckelcher, laang spatz Oueren an eng kleng rosa Nieschen. Keng Rakéit. Keen Ongeheier. Mol keen Adler. Mee eng banal Fliedermaus.

Ënnert sengem Plommekleed gëtt den Arthur knallrout. Him geet de Schweess aus. „O mei. Wéi konnt ech mech nëmmen esou ieren!“, schummt hie sech.

„Ups … deet mer leed … ech …

ech … hat gemengt …“ D'Eil verzitt genéiert de Schniewel. **„Ech hat … d'Fliedermaus wierklech fir e krasse Killersaurierroboter gehalen …“**

Wéi am nächsten Ablack eng Laachlawin iwwert den Arthur rullt, géif hie sech am léifsten am Ginette sengem Mauslach verstoppen. „Hey! Dir sidd net fair!“ De Wuerm Nello hopst sengem Kolleeg op d'Schëller. „Mir wosste jo selwer net genee, wat de Schiet wär! An, hat dir éieren nach ni Angscht virun eppes, wat am Fong net schlëmm war?“ D'Laache gëtt méi lues.

„Ech fäerten och Schieter am Däischteren“, piipst d'Maus Ginette.

„Jo … wësst der nach, wéi ech de Misch fir eng geféierlech Risepickbomm gehalen hunn!“, quaakt de Fräsch Carlos.

„U … an ech hat eng Kéier gefaart, den Nello wär eng hongereg Gëftschlaang, déi mech mat Haut an Hoer friesse wéilt … Dat war sou grujeleg!“, schuddert sech d'Jacqueline.

„Ëmm … ech hat dech eemol mat engem Vampir verwiesselt …“, verréit d'Pippa dem Arthur.

„Dobäi wollt ech schonn ëmmer eng Fliedermaus kenne léieren …“, mengt den Arthur bedréckt. „Hoffentlech mengt si elo net, ech wär vum Lämmes gebass.”



„Ech hunn eng Iddi!“, rifft d’Lisi.

„Mir stellen eis der Fliedermaus einfach vir a froen, ob se mat eis spille wëll!“



D'Déiere si begeeschtert vum Päiperlek sengem Plang. „Ok, Arthur, du méchs déi offiziell Begréissung!", mengt d'Pippa. „Vun dengem Bam aus klappt dat gutt."

Scho schwieft d'Eil op en Aascht, fir der Fliedermaus, déi ëmmer nach Slalom flitt, schei ze wénken. Dann hëlt hien déif Loft.

„Léif Fliedermaus … am Numm vun der ganzer Bëschgesellschaft begréisse mir dech ganz häerzlech bei eis!" Seng Stëmm ass feierlech an hie laacht frëndlech. „Hues du Loscht, mat eis ze danzen an ze sangen …?"

E kuerze Moment hält d'Fliedermaus stall, hänkt an der Loft, wéi wa se ugespéngelt wär. „Ech heeschen iwwregens Arthur!", seet den Arthur. **Ma, genee wéi en dat ausschwätzt, jauft d'Fliedermaus wéi de Blëtz mat engem grelle Quiitsche fort.**



Erféiert léisst den Arthur d'Flilleken hänken:

„Hunn ech … hunn ech eppes falsch gemaach!?“

D'Harespel Gigi weess Rot. „Bestëmmt ass d'Fliedermaus schei. Oder si huet nach ni eng Eil gesinn. Oder, wee weess, vläicht ass se einfach net gutt gelaunt …“

„Stëmmt“, mengt d'Fräschin Kiki. „Vläicht musse mir si méi lues kenne léieren … Net jiddereen ass esou spontan wéi s du, Arthur.“

„Am beschte gi mer hir e bëssen Zäit. Wéi wär et, wa mir muer e klenge Welcome-Snack géife laanschtbréngen? Ech weess, wou se wunnt. Gëschter hunn ech se gesinn op hiren Aascht plënneren. Direkt zwee Beem riets vu mir ewech.“

All si se averstanen. „Ech hunn e fuschneit Rezept fir e veganen Insektekuch!“, annoncéiert den Nello. „Net, datt si d'Lisi oder mech fir Fudder hält.“





Den nächsten Owend treffen d'Frënn sech pénktlech no Sonnenënnergang. Mam frësch gebakene Kuch maache si sech op de Wee bei de Fliedermausbam. Scho vu Wäitem erbléckse si déi nei Bëschbewunnerin: D'Patten no uewen, de Kapp no ënnen, hänkt déi kleng Fliedermaus schif un engem Aascht. „Pscht, mir musse ganz douce schwätzen", réit de Carlos. „Am beschten du, Ginette, sécher huet se manner Angscht virun enger Mauspiipsstëmm wéi virun enger Eilentroter."

An esou fänkt d'Ginette extralues u mat pësperen. **„Hallo Fliedermaus, wéi geet et dir? Kuck, mir hunn dir eppes mat..." Ier hatt ausschwätze kann, ertéinen esou haart Kreesch, datt et an den Ouere wéideet.** Jiddereen erféiert, staunt, wéi déi kleng Fliedermaus hir Ae grouss oprappt, panesch probéiert, d'Flilleken auszebreeden, et net packt, an dann, o nee, ruddert a wuddert, bis se mam Kapp no vir an e risege Bliederkoup ënnert dem Bam fält, sech erausmanövréiert, fir dann nach ëmmer mat Gequiitschs am Zickzack als éischt iwwert de Buedem, da mat Ach a Krach tëscht de Beem erduerch fortzefladderen.

„Wat ass lass mat der Fliedermaus?",

freet den Arthur besuergt. „Geet et hir net gutt?" „Bestëmmt wëll si einfach näischt mat eis ze dinn hunn!", mault de Misch. „Lo ass mäi Kuch fir d'Kaz!"

„Gesäis du hei eng Kaz!", zischt de Wuerm Nello a scho verschwënnt hie mëtten am Kuch, hélt e gudde Maufel a stécht de Kapp nees eraus. „Sou séier gi mer net op. Muer komme mer erëm!" Mee och déi drëtt, déi véiert an déi fënneft Nuecht ännert sech näischt un der Situatioun.

„Wat kënne mer nëmme maachen?“, zerbrécht den Arthur sech de Kapp. Wéi déi kleng Fliedermaus sech op eemol guer net méi weist, verpufft säi gewinnten Optimismus komplett. **„Mir hu se verjot!“ Den Arthur huet Tréinen an den Aen.**

„Ma nee!“, seet d’Jacqueline. „Virun enger hallwer Stonn hunn ech se nach gesinn. Relax, Arthur, dat geet schonn …“

„Op alle Fall brauche mir en neie Plang. An e Kommitee!“, iwwerleet d’Maus Ginette.

„Dat ass et: Viv de Fliedermauskommitee!“, rifft d’Jacqueline.

„An ech weess och schonn, wat seng éischt Missioun gëtt!“ De Misch klappt an d’Patten.



„Mir schreiwen der Fliedermaus e Bréif.“

Eenzock ginn e puer Blieder a Stëfter erausgekroopt, et gëtt no Wierder, Sätz an Héiflechkeetsforme gesicht. Et gëtt geschriwwen, ëmgeschriwwen, nei formuléiert, gedicht a gereimt. D'Käpp dämpen, d'Patte brennen. Um fënnef Auer moies ass et endlech esou wäit. Feierlech gëtt de Bréif, ganzer dräi Säiten am Carlos senger schéinster Schrëft, an eng gëllen Enveloppe gestach. Erliichtert ginn d'Auteuren sech eng Tapp. „Gepackt!" All si se midd an zefridden.

„Mir brauchen e Bréifdréier", stellt d'Pippa fest.

„ Een, deen een net vun uewe gesäit, soss finito!", iwwerleet d'Kiki.

„Also, ech komme wuel net a Fro …", grinst den Nello. „Wann ech de Bréif duerch meng ënnerierdesch Gäng brätschen, ass en herno just nach Knätschmätsch."

Den Arthur ass op Zack.

„D'Lisi an d'Gigi liwweren de Bréif per Loftpost aus!"


Obwuel d'Enveloppe nawell zimmlech grouss a schwéier ass, balancéieren déi zwou nei Bréifdréierinnen de Bréif mat vereente Kräften, liicht wackeleg, mee zilorientéiert iwwert d'Bamkrounen, bis se ausser Otem beim Fliedermausbam ukommen. „Sou, elo just nach virsiichteg placéieren!", uerdert d'Gigi. Zesummen ziele se bis dräi, da loosse se de Bréif genee tëscht dem 3. a 4. Aascht vu lénks erofseegelen, wou e sech a perfektem Wénkel festsetzt.

Mat groussem Applaus begléckwënschen hir Kolleeginnen a Kolleegen se fir hir gelonge Missioun.

„Voilà, an elo: Abwarten und Tee trinken!", rifft d'Pippa.

„Alt erëm waarden … ausserdeem ass et ze waarm fir Téi." Den Arthur verdréint d'Aen.





D'Lisi dréckt sengem Frënd en A zou. „Net esou ongedëlleg, Arthur! Verschidde Saache kann een nun emol net erzwéngen …"

An erëm verginn e puer laang Nuechten ouni en Zeechen, ouni een eenzege Mucks vun der Fliedermaus.

„Brauch déi eng ganz Woch, fir op eise Bréif ze äntweren, oder wat?!", maulen d'Wëllschwäin.

„Ech sot iech jo: Déi ganz Méi fir d'Kaz!", grommelt den Nello.

„Du an deng Kaz! Ka jo sinn, datt se einfach keng Loscht op eis huet an hir Rou wëll …", moukt d'Ginette.

„Si hält sech bestëmmt fir eppes Besseres", meckert d'Jacqueline.

„Oder … oder … vläicht ka si guer net liesen …", seet d'Lisi lues.

Den Arthur leet de Kapp op d'Säit. „Hmmm … ech mengen, ech hunn eng lescht Iddi …" Seng Frënn kucken hie gespaant un. **„Wéi wär et, wa mer en Ambassadeur bei d'Fliedermaus géife schécken? Een, dee sech Zäit hëlt, fir hir … wéi seet en dat, diplomatesch méi nozekommen …"**

„Een, deen hir nolauschtert, och wa se jäizt."
„An hir Vertraue vermëttelt."
„D'Gefill gëtt, datt mir hir näischt Béises wëllen …"
„Am beschten een, deen net ze grouss ass …"
„Ee mat Flilleken, datt se op der selwechter Héicht sinn …"
„E bëssen Humor muss en hunn …"
„Eng douce Stëmm."

„D'Lisi!", ruffe se all zesummen eréi aus engem Mond.

D'Déiere mussen dem klenge Päiperlek net laang fléiwen. Dee selwechten Owend peekt d'Fliedermaus-Ambassadrice hire ganze Courage, en zolitte Proviant an hiert Liblingsbuch zesummen.

Ier si sech op de Wee mécht, hëlt een nom aneren de Päiperlek an den Aarm.

„A wann s du oder d'Fliedermaus eppes brauchs: Mir si fir iech do!“

Den Arthur dréckt senger Frëndin e Walkie-Talkie an de Grapp. „Einfach op Fliedermausteam klicken, a scho si mer verbonnen!“

„Versteesdemech, Gedold an Empathie“, seet d'Lisi zouversiichtlech. Dann dréint et sech ëm, schwieft an d'Luucht a verschwënnt am helle Moundliicht.

Just e puer Meter vum Fliedermausbam ewech, quartéiert dee klenge Päiperlek sech an enger bloer Anemon an.



Fir d'Fliedermaus net ze erféieren, schalt d'Lisi de Walkie-Talkie aus. „Ui, an nëmme keng haart Geräischer maachen. Net néitsen, net houschten an am beschten net aschlofen oder souguer schnaarchen", seet hatt sech.

An da fänkt d'Lisi un ze waarden. Hatt waart déi ganz Nuecht, dee ganzen Dag an déi Nuecht drop. Och wann hatt weess, datt Fliedermais am Dag schlofen, riskéiert hatt net, seng Aen zouzemaachen. Egal wéi krass seng Guckelcher brennen, an och wa seng Flilleke vu lauter Middegkeet scho ganz bleech sinn, de Schlof u senge Féisercher këddelt, mécht hatt alles, fir net anzedösen. Hatt probéiert, sech wakereg ze struewelen, a feiert een Hunnegboost nom aneren eran.

Bis näischt méi hëlleft, an dat klengt midd Lisi einfach aschléift.

D'Lisi schléift fest. Esou fest, datt hatt net mierkt, wéi d'Sonn ënnergeet. Hatt gesäit net, wéi déi éischt Stäre fonkelen an de Mound hannert de Beem eropklëmmt. Hatt mierkt net, datt d'Villercher iwwert sengem Kapp an hir Näschter fléien. Datt de Bësch lues ufänkt, sech ze beweegen, an d'Déierestëmme sech matenee vermëschen.

Hatt schnaarcht, wéi e klenge Schiet sech riets vum Fliedermausbam léist, ouni Geräisch tëscht de Beem erduerchflitzt. Iwwert seng Blumm a säi Kapp, ëmmer méi no erunditzt.

Esou no, datt hatt, wann et wakereg wär, zwee grellgiel Aen an eng kleng rosa Niesche géif gesinn.

Mee d'Lisi schléift weider an dreemt en Dram, deen et bis elo nach ni gedreemt huet.


Am Dram
héiert hatt eng Stëmm.
„Ech huelen dech mat op
eng Rees“, seet si.

„An e Bësch, an deem Planze wuessen, déi et hei net gëtt. Blummen, déi méi faarweg liichten, wéi s du der dat jee virstelle kéints.“

Am nächsten Ablack streckt d’Lisi de Kapp aus enger Blumm, déi esou gutt richt, datt et him dronke gëtt.

„Wou sinn ech hei?“, staunt hatt.

D’Lisi kuckt virwëtzeg ronderëm. Wäit a breet ass keen Déier, kee Mënsch ze gesinn. Tëscht friemen, wonnerschéine Beem, exotesche Planzen an engem Blummemier ewéi aus engem Märchen läit eng déif Rou.

Am Schlof huet d’Lisi e Laachen op sengem Päiperleksgesiicht.

Hatt grinst zefridden – bis säi Laache verstengert. Op eemol kraacht et haart, et klaakt an d’Lisi muss sech bécken, fir datt hatt net getraff gëtt. Vun iwwerall fléien him déck brong Käschten a spatz Eechelen entgéint.

„Wat ass dat!? Ech hunn Angscht!“, rifft hatt panesch a spréngt an eng giel Blumm. „Dir geschitt näischt“, äntwert d’Dramstëmm traureg. „Fir dech ass et just en Dram, fir mech war et mäi Liewen. Kuck, da gesäis de.“

D’Lisi brauch e puer Minutten, bis hatt sech traut, nees tëscht de Bléieblieder erauszeluussen. Iwwert de Bamkroune gesäit hatt eng kleng Fliedermaus, déi verzweiwelt probéiert, sech virun der Munitioun a Sécherheet ze bréngen. Si verstoppt sech hannert engem Aascht; probéiert, sech an e klenge Schlitz ze quetschen. Ëmsoss.

Elo héiert d'Lisi haart Stëmmen.

Si komme vun uewen a kléngen net léif.

„Fort vu mengem Bam! Hei si just richteg Fliedermais wëllkomm!“, krächzt eng rose Fliedermaus mat Fonkelaen.

„Sich der en anere Bësch! Du hues genuch op eis Käschte gelieft!“, jäizt eng aner Fliedermaus.

„Jo, alles just eng Excuse, fir de ganzen Dag liddereg um Bam ze hänken. Mee souguer dat kanns de mat denger krommer Patt an dengem komesche Flillek net.“



D'Lisi gesäit, ewéi déi kleng Fliedermaus ziddert. Déck Tréine lafen iwwert hir Schnuff.

„Verschwann einfach!“, jäizen d'Fliedermais all zesummen. Vun Angscht hält d'Lisi sech d'Oueren zou.

Déi kleng Fliedermaus huet och Angscht. Si leet de Kapp no hannen, da probéiert se esou gutt et geet, hir Flilleken ze spanen.

Dem Lisi fält op, datt ee Flillek méi grouss wéi deen aneren ass. „O jee, a wéi soll si dann esou steieren?“, fiert et him duerch de Kapp. „Waart, kleng Fliedermaus“, wëll hatt soen, mee dann ass et schonn ze spéit,

**an et ass souwisou just en Dram,
oder net?**


„Profiteuse!“
„Lidderhanes!“
„Plogeescht!“
„Verschwann einfach!“

„An du sinn ech geflunn. Esou laang an esou wäit, bis meng Flilleke wéigedoen hunn. Iwwert Bierger, Flëss an e ganzt Mier. Duerch e Stuerm, Knëppelsteng a Schnéi. Bis ech net méi konnt, an hei an ärem Bësch gelant sinn."

**D'Lisi mécht d'Ae lues op.
D'Stëmm ass direkt nieft him a kënnt aus enger klenger, schwaarzer Fliedermaus.**

„Déi aner Fliedermais sinn elo wäit fort. Mee meng Angscht ass bliwwen. **A well ech wärend menger Rees esou vill an d'Sonn gekuckt hunn, gesinn ech alles just nach donkelgro … Wat heescht, datt ech mat allem, wat schif u mer ass, nach manner Fliedermaus sinn."**

Der Fliedermaus hire rietse Flillek ass tatsächlech méi kleng wéi dee lénksen, si huet eng kromm Patt, an amplaz d'Lisi unzekucken, kucken hir Ae laanscht hatt.

„Ech kann dach net dofir, datt ech net wéi déi aner Fliedermais sinn. An ech hunn och net express kee Fudder gesicht … Alles ass einfach schrecklech ustrengend fir mech! An elo, wou ech manner gutt gesinn, nach vill méi …"

D'Lisi ass duercherneen. Iwwerrascht. Erféiert, an och e bëssen iwwerfuerdert. Alles mateneen. Trotzdeem weess hatt direkt, wat ze maachen ass.

„Ech si frou, datt s du mir vertraus, kleng Fliedermaus. **An och, wann ech der weeder deng Patt nach däi Flillek oder deng Ae ka gesond hexen, kennen ech e puer Déieren, Mënschen an eng ganz Wollekerekipp, déi dech net am Stach loossen."**

D'Fliedermaus béckt de Kapp. „Dat sees du esou …"


„Nee!“, äntwert d’Lisi. „Mir halen hei zesummen. Dat ass esou, an et wäert ëmmer esou bleiwen.“

A well d’Fliedermaus dat nach ëmmer net sou richteg gleeft, erzielt de Päiperlek hir vun all den Aventuren, déi den Arthur a seng Frënn scho mateneen erlieft hunn. Wéi vill si gemeinsam ëmgesat an erreecht hunn.

„Weess de, Fliedermaus, wann s de averstane bass, gehéiers du ab elo zu eisem Team. Awer et gëtt eng Konditioun: Du muss mer däin Numm verroden.“

„Kelly. Ech heesche Kelly.“

D’Fliedermaus grinst schei. „Ech sinn d’Lisi!“, äntwert de Päiperlek frou.



„So, Lisi … mengs du, den Arthur an deng Frënn kéinte mir dobäi hëllefen, mäin allergréissten Dram ze verwierklechen?“, freet d’Kelly verleeën.

D’Lisi kuckt virwëtzeg. „Erziel, wat ass däin Dram?“ D’Kelly kuckt eescht.

„Ma, ech wéilt esou gär nees besser fléie kënnen.

Weess de, ech hu schonn e puer mol probéiert, mer en neie Flillek ze bastelen. Mol mat Äscht, mol mat grousse Blieder, an eemol esouguer aus engem ale Prabbeli. Ech hu souguer detailléiert Skizzen a Pläng gemaach. Mee trotz all menge Versich huet et ni geklappt.“

D’Lisi zéckt net. „Also … ech si mer sécher, all zesumme packe mir et, dir eng gutt Fluchhëllef ze bauen!“

„Dat wär immens!“, mengt d’Kelly verdreemt.

An da geet et ganz séier. De Walkie-Talkie gëtt nees ageschalt. Jiddereen ass glécklech, endlech en Zeeche vum Lisi ze héieren, an nach méi glécklech, datt d’Fliedermaus bereet ass, d’Bëschteam kennen ze léieren.

„Awer Arthur, d’Kelly huet eng Iddi, fir déi et onbedéngt eis Ënnerstëtzung brauch“, rifft d’Lisi an den Hörer.

„Ruff d’Wolleker, d’Nora a seng Tatta. Wat mer zu méi sinn, wat besser!“

Wéi d'Lisi mam Kelly bei de Bëschbewunner ukënnt, ass d'Fliedermaus gläichzäiteg frou, opgereegt an e bësse fäertereg. Dir wësst, Angscht kann een net einfach ewéi eng Käerz ausblosen. Alleguer gi se sech Méi, lues ze schwätzen a virun allem nozelauschteren. **D'Wolleker, déi nach an der selwechter Nuecht am Arthur sengem Bam landen, verstinn dem Kelly seng Geschicht besonnesch gutt.**

„Well mir anescht sinn, goufe mir alleguer esou krass gemobbt, datt mer op eng Wollek ausgewandert sinn", erzielt de Maulibri, eng Mëschung tëscht enger Maus an engem Kolibri.

„Du kanns och bei eis plënneren, Kelly …", proposéiert de Fësch Fly.

„Jooo!", ruffen d'Wolleker begeeschtert.

„Moment!", mengt den Arthur. „Dat kann d'Kelly selwer decidéieren. **Mee als éischt hëllefe mer him, säi Flillekesupport ze bauen!"**




Am Ufank zréckhalend a mat lueser
Stëmm, dann ëmmer méi selbstsécher
zeechent d'Kelly seng Iddien an e
coolen Design op e grousse Flipchart.



„Aerodynamesch, liicht a gläichzäiteg bequeem muss mäin neie Flillek sinn. An am beschten …“ Hatt schmunzelt. „… soll en och nach schéin ausgesinn.“ „Vläicht esou wéi dem Arthur säi faarwege Rack?“, iwwerleet d’Lisi, an direkt wénkt d’Kelly begeeschtert mam Kapp.

„Jo, dat ass et!“, rifft och den Arthur Feier a Flam. „Kelly, kéints du der e Plommeflillek virstellen?“ „Natierlech! Dat wär megacool!“, freet sech déi kleng Fliedermaus, a kaum huet se ausgeschwat, geet d’Missioun lass.

Als éischt gëtt eng grouss **Plommespendenaktioun** organiséiert. Inten, Gänsen, Eilen, Villercher vun allen Zorten, esouguer de Papagei, deen op Duerchrees ass, maache mat Freed en Don. Dono gëtt gemooss, gepecht a geschneidert. D’Déieren tackere kleng, grouss, laang, déck an dënn Fiederen un déi kleng Holzkonstruktioun, déi den Nello an de Misch a Rekordtempo zesummegeschoustert hunn.

„Voluplex maximus finito!“, annoncéiert den Arthur houfreg no e puer Stonnen Aarbecht. „Wow!“, käicht d’Kelly ausser Otem. „Dat war nawell vill Aarbecht. Mee …“ Hatt dréckt dem Lisi e Kuss op de Bak. **„Du has Recht: Zesumme si mir dat beschte Fliedermausteam, dat ech mer wënsche kann.“**

Hatt ëmäermelt seng nei Frënn a Frëndinnen. Da fixéiert d’Kelly den neie Support virsiichteg u sengem rietse Flillek an hëlt déif Loft.

„Elo ass et Zäit, fir eis Erfindung ze testen“, kënnegt déi kleng Fliedermaus feierlech un.

Lues a gläichméisseg fänkt d'Kelly un, seng Flilleken ze beweegen. Am Ufank douce, dann ëmmer méi séier, bis een d'Loftschwéng héiert an d'Kelly op eemol an d'Luucht schwieft. Net riicht, net schif, an och net perfekt. Mee genee esou, wéi et sech fir hatt gutt ufillt.

Fir d'éischte Kéier zënter Laangem laacht d'Kelly. An och déi aner laachen. Net iwwer hatt, mee mat him.

Wéi et weidergaangen ass? De Moment wunnt d'Kelly ganz zefridde mam Jacqueline an enger WG op hirem gemeinsame Bam. Dem Nora seng Tatta huet dem Kelly en extrae Brëll bestallt, mat deem hatt seng Ëmgéigend besser erkennt a sech méi einfach orientéiere kann.

Fudder sichen a fléie geet trotzdeem net ëmmer sou gutt. **Dofir ass d'Kelly frou, datt hatt an enger solidarescher Gemeinschaft lieft. Hatt ass erliichtert, datt keen hatt méi jugéiert, wa seng Flilleke midd sinn oder seng Patt wéideet. Datt jiddereen hatt esou hëlt, wéi hatt ass, an net op seng Beanträchtegunge reduzéiert.**

Zënterhier huet sech iwwregens nach eppes anescht erausgestallt: **D'Kelly ass e richtegt Erfindergenie.** Eenzock huet bal all Déier am Bësch e coolen Design vum Kelly doheem: eng Krauselschutzhauf fir d'Gigi, e Mini-Fallschierm fir d'Ginette, en Hunneg-Boost-Mixer fir d'Lisi, muusseg Ouereschützer mat integréierter Musekfunktioun fir den Arthur, e Grunzverstäerker fir d'Wëllschwäin, eng automatesch Nësspower-Sortéiermaschinn fir d'Jacqueline an e Turbo-Filter géint de Sténkmorchel-Gestank.

Den Delai vun de Commandë läit mëttlerweil wéinst dem héijen Undrang bei sechs Méint …



A jo, de
Maulibri an d'Kelly
daten iwwregens zënter
Kuerzem.

Wann dat alt net deemnächst
eng Hochzäit gëtt ...

Dëst Buch ass an Zesummenaarbecht mam Anja Di Bartolomeo, Giulia Helminger an der Klass vum Joé Wiltgen aus der Grondschoul Wëntger entstan.

E grousse Merci soe mir dem Emilie, Sophie, Lis, Lethycia, Pol, Philippe, Sadeq, Lena, Laurent, Leonor, Juliane, Luana, Luuk, Miguel, Ellie a Xenia fir hir Iddien an hir Kreativitéit beim Entstoe vun dëser Geschicht.



An dësem Abenteuer léiert d'Eil Arthur eng Fliedermaus kennen, déi net esou fléie kann ewéi déi aner. Nodeems si vun hire Matfliedermais gemobbt gouf, sicht si am Bësch no Schutz, mee si huet Angscht a fäert, nees ofgeleent ze ginn. Mat vill Gedold, Versteesdemech a Frëndlechkeet geléngt et dem Arthur a senge Frënn, hiert Vertrauen ze gewannen. Zesumme siche si no enger Léisung a bauen eng Fluchhëllef, déi der Fliedermaus erméiglecht, hir eege Fäegkeeten ze entdecken an hir Plaz an der Bëschgemeinschaft ze fannen.

D'Geschicht vum Arthur weist, datt jidderee vun eis eenzegaarteg ass an datt Verschiddenheet kee Grond ass, een auszeschléissen. Si weist och, datt mir zesumme vill erreeche kënnen, wa mir openee lauschteren, eis géigesäiteg ënnerstëtzen an no Léisunge sichen, déi jiddwerengem hëllefen. Heiansdo brauche mir eng aner Form vun Hëllef, fir eis Stäerkten ze entdecken an ze weisen, wat an eis stécht.

Du hues, genee wéi d'Fliedermaus, d'Recht, respektéiert ze ginn, dozouzegehéieren a viru Mobbing an Ausgrenzung geschützt ze sinn. Du hues och d'Recht op déi Hëllef an Ënnerstëtzung, déi s du brauchs, fir ze léieren, ze spillen, dech ze entwéckelen an esou selbstständeg wéi méiglech ze ginn. Well jidderee soll d'Chance kréien, seng Talenter ze entdecken an op seng eege Manéier ze fléien.

All Mënsch huet Rechter – du och!
Du hues souguer speziell Kannerrechter!

D'Kannerrechter ginn an der Kannerrechtskonventioun vun der UNO definéiert. Bal all Land vun der Welt huet versprach, dës Kannerrechter anzehalen. Och Lëtzebuerg! Do geet et ëm d'Recht op Schoul, Schutz, Fräizäit, ëm d'Recht, seng Meenung ze soen, an ëm d'Recht op eng propper a sécher Ëmwelt.

Fir deng Rechter kënnen ze liewen, muss du se natierlech fir d'éischt kennen. Kuck mol mat dengen Elteren hei eran:

Lëtzebuerg huet en Aktiounsplang mat iwwer 60 Mesuren, mam Zil, deng Rechter ze schützen:

Verschidde Kanner erliewen, datt hir Rechter net agehal oder geschützt ginn, oder sinn an enger Situatioun, wou en aneren hinne wëll wéi doen. Wann s du an esou enger Situatioun bass oder een, deen s du kenns, da schwätz onbedéngt mat enger Persoun, där s du vertraus.

Du kanns och no Hëllef froe bei de Servicer, déi extra fir Kanner do sinn:

Kanner- a Jugendtelefon: www.kjt.lu / Tel.: 116 111

Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher: www.okaju.lu / Tel.: 26 12 31 24

Office national de l'enfance: www.officenationalenfance.lu / Tel.: 8002-9393

Den Arthur an déi kleng Fliedermaus

Eng Geschicht iwwer d'Recht op Inklusioun

Text: Anja Di Bartolomeo

Zeechnungen: Giulia Helminger, Layout: Service presse et communication

© Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, 2026

ISBN: 978-2-49673-416-4

Franséisch / Englesch Versioun



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse